



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

REÇU
Par Christine Wirgen, 15.36, 29/05/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 832x1d630

Luxembourg, le 29 mai 2020

Concerne : Question parlementaire n°2274 du 26 mai 2020 de Monsieur le Député Sven
Clement concernant les contrôles douaniers

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous
rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Ufro N°2274 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwert d'Kontrollen vun der Douane

Fir unzefänken sief drun erënnert, sou wéi dat schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2074 beschriwwen ass, dass d'Grenziwwergäng vun Veianen an Dasburg zoubliwwen wäeren, ouni der Douane hir Interventioun, well déi däitsch Autoritéiten net virgesinn haten, op deene Plazen selwer ze kontrolléieren. Des zwee Grenziwwergäng waren och déi eenzeg op deenen eis Douane déi däitsch Autoritéiten ënnerstëtzt huet.

Am Kader vun der « *coopération administrative* » tëscht béide Länner krut d'Douane d'"Einsatzbefehle zur Intensivierung grenzpolizeilicher Massnahmen an den Binnengrenzen zu Luxemburg" zougestallt, an huet déi op deenen zwee Grenziwwergäng entspriechend ëmgesat. Des Dokumenter sinn allerdéngs "VS - NUR FÜR DEN DIENSTGEBRAUCH" markéiert, a kënnen dofir net public gemaach ginn. Zousätzlech sinn et regelméisseg mëndlech Echangingen iwwer déi Prozedure ginn. D'Douane huet keng Informatiounen doriwwer, wéi eng Consignen déi däitsch Beamten op allen aneren Plazen haten.

D'Féiere vum Relevé zu Veianen an Dasburg war néideg aus enger Rei Grënn, an am Besonneschen deenen hei :

- Si waren Deel vun de Prozeduren, déi déi däitsch Autoritéiten virgesinn haten, an domatter eng Konditioun fir d'Opleiwen vun deenen zwee Iwwergäng. D'Bundespolizei huet op däitschem Territoire an op anere Grenzposten Kontrollen duerchgefouert. De Réckgrëff op Donneeën aus dem Register vun der Douane hätt et erlabt, zum engem sécherzestellen, dass d'Kontrollen effektiv gemaach gi sinn, an zum aneren, Leit ze detectéieren, déi probéiert hätten, entweder op verschiddene Plazen, oder laanscht d'Kontrollen, op den däitschen Territoire ze kommen, ouni dofir d'Konditiounen ze erfëllen.
- Et war néideg, déi Donneeën ze hunn, am Fall wou et Reklamatioune gi wäeren.

Vu dass d'Grenzen säit dem 15. Mee vu Mëtternuecht un rem fräi passéierbar sinn, stellen déi Froen sech net méi.

Den Accès op d'Donneeën war, sou wéi dat schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2074 beschriwwen ass, op déi zoustänneg Douanieren an hir Hierarchie limitéiert.

Et gouf exakt eng Ufro vun den däitschen Autoritéiten (der Bundespolizei) iwwert eng Persoun, déi op däitschem Territoire ugehale ginn ass. Dës Ufro ass mëndlech un de Chef vun der Inspection des opérations sécuritaires vun der Douane gaang, a gouf vun dësem och mëndlech beäntwert. Dëst war méiglech op Basis vum Artikel 49 vum RGPD, deen sou een Echange vun Informatiounen erlabt wann en "*nécessaire pour des motifs importants d'intérêt public*" ass, a vum Artikel 13 vum Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Fédérale d'Allemagne relatif au contrôle frontalier en commun et à la création de gares communes et d'échange à la frontière germano-luxembourgeoise" vun 1962, dee virgesait : "... les agents des Parties Contractantes se prêtent assistance, clans la mesure du possible, en particulier pour prévenir et pour rechercher les infractions aux prescriptions légales et réglementaires relatives au franchissement de la frontière. A cet effet, ils se communiquent aussi rapidement que possible les renseignements qui présentent un intérêt pour l'exécution du service."

Et si soss keng Informatiounen mat den däitschen Autoritéiten oder soss engem Drëtten gedeelt ginn.